N°7844
Entrée le 30.03.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 30.03.2023

**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30. Mäerz 2023

Här President,

Esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Nom Vertrag tëscht verschiddene Pharmafirmen, engersäits, an der EU-Kommissioun, anerersäits, (SANTE/2020/C3/043), ass de Staat fir all Zort un Niewewierkungen, wat d'COVID-Impfung ugeet, haftbar. Et ass bekannt, datt bei der COVID-Impfung mat variabler statistescher Heefegkeet verschidden Niewewierkungen opgetratt sinn, déi vun "ganz schwaach" bis "ganz staark" ginn.

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Gesondheetsminister gär folgend Froe stellen:

1) Wat sinn zu Lëtzebuerg déi genee Prozeduren, fir en Impfschued ze mellen an eventuell eng Entschiedegung vum Staat ze kréien? Kann all Betraffenen esou eng Prozedur selwer beim Gesondheetsministär ufroen oder muss dat ëmmer iwwer en Dokter goen?
2) Huet d'Regierung vir, z.B. iwwer MyGuichet.lu, fir eng iwwersiichtlech Online-Prozedur ze entwéckelen? Gëtt et um Sitt vum Gesondheetsministär fäerdeg Formulare fir déi Betraffen? Wann nee, firwat net?
3) Wéi laang brauch de Staat, bis eng Entschiedegung decidéiert a bezuelt gëtt? Wéi eng Recours-Méiglechkeeten hu Leit, déi eng negativ Decisioun kruten?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire** **25, Ënneschtgaass · L-2240 Lëtzebuerg** **Tel. : (+ 352) 463742**